

“ ***Favoriser l’élevage durable, lié au sol***, *pour la production laitière et bovine et abandon de l’élevage intensif, au profit de pratiques plus respectueuses de l’environnement et du bien-être animal.* ”

LSAP

mouvement écologique



*„Wir werden unsere Landwirtschaft nachhaltig absichern und politisch aufwerten. Wir setzen dabei auf Wissenschaft – nicht auf Ideologie.*

*Wir werden zusammen mit den Landwirten, Winzern und Gärtnern eine breite Debatte über die Zukunft des Agrarbereichs führen."*

CSV

mouvement écologique



An deem Sënn kritiséiert d'ADR d'Bestrieweunge vun der EU-Kommissioun, datt sech bis 2030 den Undeel vun den ökologesch bewirtschafteten Arealer vun der gesamter Agrarfläch an der EU op 25 Prozent belafe soll. Dëst féiert am globaliséierten Kontext éischter zu manner Natur- an Ëmweltschutz, well sech d'EU doduerch méi ofhängeg vum Import aus Drëttstaate mécht. D'Diskussioun ëm d'Biolandwirtschaft muss realistesch an net reng ideologesch gefouert ginn. Et stellen sech och am Beräich vun der Biolandwirtschaft eng Rei Problemer:

- D'Biolandwirtschaft ass manner ertragräich.
- En allgement Verbuet vun Planzeschutzmëttel féiert zu enger Rei Problemer am Hibléck op den Erosiounsschutz an de Waasserschutz. D'Bauere si forcéiert hire Buedem op eng Manéier ze beaarbechten, déi wesentlech méi opwänneg ass an eis technologsch ëm Joren zeréckwerft, an deelweis mussen d'Baueren hir Felder duebel esou dacks plouen.
- Och d'Biolandwirtschaft notz Planzeschutzmëttel, déi zum groussen Deel aus Schwéiermetaller ewéi Koffer an Néckel bestinn. Dës Schwéiermetaller hannerloosse Réckstänn am Buedem an d'Belaaschtung op d'Liewensmëttel gëtt manner streng kontrolléiert ewéi an der konventioneller Landwirtschaft.
- An der Bilanzéierung vum $CO_2$-Foussofdrock erginn sech keng nennenswäert Ënnerscheeder tëscht biologescher a konentioneller Landwirtschaft, och well déi konventionell Landwirtschaft méi intensiv produzéiert.
- Studie gi vun engem Réckgang vun der Produktion vu Rëndfleesch a Kären ëm 20 Prozent aus. Parallel féiert dëst zu enger substanzieller Deierecht vun de Liewensmëttel.

D'ADR ass op kee Fall géint déi biologesch Landwirtschaft a wëll dës och net schlecht rieden. Et gëtt bei de Konsumenten eng Demande no biologesche Liewensmëttel, an dës Konsumenten sollen och bedéngt ginn. Dee wuel gréisste Problem stellt sech am Hibléck op eng wuessend Ofhängegkeet vum Import vu Liewensmëttel aus Drëttlänner. Dëst gëtt am nofolgende Kapitel behandelt.

adr

mouvement
écologique



“*Mir wëllen eng manner intensiv Mëllechwirtschaft fir d’Déieren ze schützen a fir Weeden ze erhalen, déi eng räich Biodiversitéit hunn a wichteg Lagere fir Kuelestoff sinn. D’Striewen no maximaler Produktivitéit vun ëmmer méi groussen Häerden ass net kompatibel mat dem Erhale vun de Weedflächen. Mir wäerten déi betraffe Betriber ënnerstëtzen duerch eng Erhéijung vun de Subventioune fir d’Diversifikatioun vun der Produktioun an duerch déi ëffentlech Hëllef fir d’Reduktioun vun de Scholden, déi de Baueren zeguttkomme wäert, déi sech fir de Wee vum Bio entscheeden.*”

déi Lénk

mouvement écologique



déi gréng werden:

- den neuen Nationalen **Plan für Naturschutz** (PNPN) umsetzen;
- die Natur – **Wälder, Wiesen, Gewässer, Feuchtgebiete usw. – schützen**, ihre Artenvielfalt stärken und geschädigte Natur wiederherstellen;
- **neue Naturschutzgebiete** ausweisen, um unbezahlbare Lebensräume zu bewahren. Wir werden 30 % der nationalen Fläche unter Schutz stellen, ein Drittel davon – Gebiete mit einem aktuellen oder potenziell sehr hohen Wert mit Bezug auf die biologische Vielfalt - unter strengen Schutz;
- für den Naturschutz **wertvolle Landflächen** gezielt in öffentliche Hand bringen;
- die **Vernetzung von Lebensräumen** durch natürliche und naturnahe Flächen vorantreiben, um die uneingeschränkte Fortbewegung von Tieren zu vereinfachen;
- die **Schutzwirkung von Naturschutzprojekten verstärken** durch das Identifizieren prioritärer WALPROGRAMM | NATIONALWALEN 2023 6 Aktionsfelder, eine zielorientierte Umsetzung von Maßnahmen und die regelmäßige Kontrolle der Projekte auf ihre Schutzwirkung;

déi gréng

mouvement écologique



*"Naturschutzpolitik darf nicht zu Verhinderungspolitik werden, welche Bürger und Bürgerinnen als Schikane und Willkür empfinden.*

*Den Ament ënnerleien d'Autorisatioune vu Wunnprojeten der Autoritéit vum Ëmwelt- a vum Inneministère. Fir déi laangwiereg Geneemegungsprozeduren däitlech manner bürokratesch a méi séier ze maachen, wäert d'DP alleguerten d'Kompetenze fir de Wunnengsbau am Wunnengsbauministère regroupéieren."*

DEMOKRATESCH PARTEI

mouvement écologique



"D'Piraten wëlle richteg Natur aplaz Bëtong mat Blummen:

- D'massiv Zoubetonéiere vun ëffentleche Plaze muss ophalen;
- Grouss iwwerierdesch Parkinge solle mat Alternativen, wéi Kräis, Rasengitter, Mulch oder Grouine bedeckt ginn, och wann dat e bësse mi Aarbecht mat sech bréngt fir den Entretien;
- Mir brauchen op ëffentleche Plaze keng kënschtlech Zierplanzen, isoléiert Stroossebeem oder Blimmecher, mee sollten zesummenhänkend Biotopen entstoe loossen."

PIRATEN

mouvement écologique



“

**Et ass wichteg, eng Form vun ekonomescher a gesellschaftlecher Entwécklung ze erreechen, déi am Aklang mat der Natur an hirer ganzer Diversitéit erfollegt**. Dobäi kann awer net all Flantermaus, all roude Milan an all Dachs am Eenzelnen iwwer der Entwécklung vun der Infrastruktur stoen. Et muss méiglech sinn, den Habitat vun Déieren a Planzen ze schützen, a gläichzäiteg néideg human Infrastrukturen ze schafen a weider ze entwéckelen. ”

FOKUS.

mouvement écologique